

## Eng KLACK fir eis SPROOCH

### Geckege Spierkel

De Februar as ee vun de Méint, wou folkloristesch am meschte „lass“... a wou der och e selleche „lassgin“, wéi wann si eng... „lass“ hätten. Hei as d'Plaz an d'Ursach nít fir iwei Gebräicher ze schwätzen, dat maache Leit ewéi den Atten's Alain, de Klees' en Heng oder den Tousaint's Ander mat enger vill besserer Schreib. Et därf ee sech froen, firwat esou villes bei de Gebräicher ganz verschwonn as oder eng preiesch „Kappe“ opkritt huet. Bei als eng Kapan eng Mutz nít datselwecht; an eng preiesch „Kappe“ as eiser „Kape“ keng. Bei enger „Kapesetzung“ missten d'Gecken also appes anesch ophun ewéi dat Mainzer/Kölner Vullen-nascht. An iwegens, wir den Ausdruck Kabes-Setzung op all Manéier méi richteg... well ee jo do och nach an eng Kabes-Bidden erklamme kann! fir sénges Kabes lasszeg.

De Spierkel/Februar as wirklech e geckegen Hond. Wou den Numm hierként? Ech hun et bis elo net fond; vlächt vum „Spuuk“, deem spatzt Stéck Zant, dat am Mond hänkt ewéi Áisspuuren um Kulang, an deem kaalste Mount am Jor, deen de Februar jo as... Dir huet ewell anuechtgeholle, datt dee kürzte Mount an eiser Sprooch noch nach

### Fuesend

Huet d'neit Joer en etlech Wocher,  
ként eng geckeg, jauseg Zäit,  
wou den Eefalt an den Zodi  
bei sou villen uewe läit.

Op all Nascht sin d'Woch zwéi Balen;  
jidfer Klubbche füllt séng Keess;  
kéipweis fénnens du hir Annonen,  
weess bal nét méi, wuers du gees!

Leit, déi soss de Mond nét opman,  
kenn een d'Fuesend nét méi rém;  
wann déi d'Bokemaul bis voll  
hun,  
gi si mat duerch déck an denn.

Vill hu sech der sou vermosch-  
ter,

Lex Roth

dee banneschten „R“ verluer huet, dofir brauche mir hien och nít ze schreiwen.

Liichtmessdag - fetten Donneschdeg - Aschemettwoch - Buergsonnendag... dat sin elauter Geleenheete fir u Bräicher ze denken a sech u Liddercher ze erënneren. Den Heng Rinnen huet e ganze Koup deer „aler“ Saachen a séngem Bichelchen „Ueter d'Jor“ (130 S.) opgeschriwen, dat Dir bei eiser Actioun-Létzebuergesch um Telephon kenn bestellen. As dat iwegens alles esou „al“, oder hu mir et einfach trëlle geloos, fir d'Saache vum „1./2. Preis“ nozemaachen? Do muss jidfere mat sech eens gin a sech vlächt och froen, wat mir mat engem „Altweiber-Bal“ maachen oder mat deem hirmidege Schlapp-Eroschneiden... alles „1. an 2. Preis“... dobai loose sech mat dem Wuurt „Bal“ kéipweis Wuurtspiller maachen, well et bei als eng zweet Bedeutung huet (Geesdebal, Basdebal, Kennsdebal aw.). Hei stin honnert Méiglechkeete fir eng an eiser Sprooch.

An der Zait hun ech emol e klenge Spréchelche verbrach, wou iwer d'Fuesend an d'Bokemaler rieds geet; et as un lech, fir ze kucken, wat (nach) do stëmmt:


t hieft dir bal, wann s d'ee gesäis;  
jidfer Luussert profitiert,  
muncht dommt Bëtschel geet op d'Áis!

Äschemettwoch as et riwer;  
d'Fuesend as dem Senn no aus...  
mä si lafe bis vrund d'Ouschte  
mat de Fuesendsboken raus.

't as e Bild vun eisen Zäiten:  
sech amuséieren ouni Enn;  
all Dag Kürmes, just nach  
Fester...  
't brächt ee wiirklech zwanzeg  
Hänn!

Lex Roth

**ACTION  
LÉTZEBUERGESCH  
EIS SPROOCH**  
Adressen: Breedewee, 21  
L-1917  
Létzburg  
Postkësch 98  
L-2010  
Telephon 47 06 12  
Fax 22 24 90 & 45 83 89  
Cotisation/Membre:  
500 Frang d'Jor  
Postscheck: 6644-48



Redaktion fir dës „Klack“:  
AL,  
Claude Bache,  
Lex Roth,  
Milly Thill,  
Bim Zeches,  
Paul Wilmes

Redaktion fir d'Klack  
N. 20 (24. Februar)  
mir an...Dir!  
Thema:  
"Welle-Létzburgesch"

## 25 Jor fir Eis Sprooch

Am Februar 1971 haten en etlech Leit sech zesummegeas fir „eppes“ fir eis Sprooch ze maaachen. Weidacks bei engem Ufank, war et natürellech et Streifeier... mä wann zergutte „ugeluecht“ an dra geblosen a - firwat nít! - gestéppelt gët, da kennet esou e Feier un d'Brennen. An et mécht dat Allerwichtigst: eng zollit Glous!

Wien emol 25 Jor no hannerz denkt, dee weess, watfir e Steifkand eis Sprooch virun 1971 war. Bis op etlech Schreiwerten a e

puer Wéssenschaftsleit war si, am Senn vum Wuert en doudege Buschtal. A wien die Vergläich mat haut mecht, dee feent op allen Ecken a Plazen, datt eis Sprooch nach ni esou „an d'Breet“ gaang as ewei jhust an dëse leschte 25 Jor. Wa mir eis Aarbecht an d'Resultater wéllten opzielen, da gif esougar mat Stéchwieder eng ganz Zeitungssäit nít duergoen.

Mir schafen ais och kee Fändel un, maache keng „akademesch Setzung“ a feiere keng Fester...

déi Suen huelle mir fir... wieder-schaffen, am Senn vu deem bekannte Saz iwer Europa: Et as eweli villes gemaach... et bleift nach alles ze din!

An deem Schwonk seet Är Actioun Létzburgesch/Eis Sprooch all dense ville Leit merci, déi áis an de leschte 25 Jor eng Staäp waren, siéit et am Comité, als Membre oder Mataarbechter, siéit et denen, déi lieuen oder ewell an der Éwigkeet sin.

AL

## Kulturjor an eisen Nationale Litteraturarchiv

Wa mir am Kucken op d'Kulturjor 1995 d'Fro stellen, wat dat Jor eiser Létzburgesch Sprooch bruecht huet, da muss hei d'Servais-Haus zu Miersch genannt gin, dat am Kulturjor séng Diren opgemaach an Nationale Litteraturarchiv gin as. Och wa scho bal zéng Jor laang vun deem Litteraturarchiv geschwatt gouf an eng ganz Rei vu politeschen Diskussionen a Streiderei virausgoungen, a d'Servais-Haus séng Diren am Fong scho laang virum Kulturjor hätt missen opmaachen, da muss een dach aver soen: „Léiwer spéit ewéi nil!“ Schléisslech as dëse Litteraturarchiv déi eenzeg neigeschafe kulturell Aribrichtung, déi 1995 opweises huet.

Mat der Ouverture vun engem Nationale Litteraturarchiv geet et awer sécher nít duer. Ech géif gär soen: Domat steet de Réibau; elo muss d'Haus agericht gin, an et muss Liewen an d'Mauere kommen. Et muss Litteratur (och létzebuergescher) gesammelt, archiviert, konserviert gin. Viru allem awer muss déi Litteratur (och déi Létzburgesch) „un de Mann“ kommen. Dat geet net, ouni grad et déi jond Leit fir d'Liesen am allgemeinen a fir d'Litteratur am besonneschen ze begeeschteren. Wat d'Létzburgesch

gescht ugeet, muss lues a lues all déi Virurter ofgebaut gin, déi een emmer nees se hériere kritt: Létzburgesch wir keng richteg Sprooch, et kéint eet et schreive weíi e wéllt, et wir schweier ze liessen, et kéint ee sech nít richteg ausdrécken... aw. Do waart deennoch nach vill Aarbecht op déi Réponsabel vum Litteratur-archiv!

D'Aktioun Létzburgesch as ewell 25 Jor laang amgaang an déi Richtung ze schaffen, an an der Zait huet sech munneches gedon. Och beim Nationale Litteraturarchiv geet et nít vun haut op muer. Et bleift te wén-schen, datt dene Réponsableen den Otem (an och d'Finanzquellen) net ausging! Wéinst der Saach, déi et fir aís in Uleies as. C.B.

### Kéddel mech...

Dann iwwersetzt dat emol... an de Witz as futti:

- Et muss es sech vill geheien... sot de Golkipp!

- A wat fir engen Tounart as déi déck Tromm gestëmm? An h-dur!

Bimbam:

- „Dann as är Mulles an Amerika ausgewandert“, frot de Schoulmeeschter d'Mamm; „Majo, má den einsche Brief as ouer aus Afrika komm“... „dat as kee Wonner, Madame, hie war ni vill an der Geographie.“

- „Wéi as dat, Clady, líess Du Dénig Schwéster och alt mam Schlitt fueren?“ - „A jo, mir wiesseleis als of: hatt kritt de Schlitt fir dorobber, an ech fueren domit erof.“

- „Sid Dir och op den Nordkapp gefuer, wéi dir an Norwege waart, well do huet Dir jo donn och déi schei Fjorde gesin“... „A jo, an Dir gleeft nít, wéi heemlech déi Déiercher sin, wann ee se fidder!“

Et geet op Létzburgesch:

- „Hei kritt elo kee mech méi op“, sot de Mann um Treppeltour... dun huet hie sech an e Sejomesse-Koup gesat.

- „Huet Dir vlächt e Programm?“, sot e jonke Mensch am Concert zu senger flotter Nopesch. „Neen, má wat gëngt Dir da virschloen?“

## Tombolas / Lotteries

### F.C. JEUNESSE GILSDORF

Veterane Fuesbal vum 20. Januar 1996

### Gratistombola

1. Präis: 628  
2. Präis: 016  
3. Präis: 168  
4.-10. Präis:

155 350 579 097 231 405 196

D'Gewinner si bis den 20. Februar 1996 beim Alyote Weyler, 10. Schrondweiler Strooss, Stegen, ofzehuelen. 131894

### MINETTSLAND ASBL RÉMÉLING

### Tombola

Résultat du tirage de notre loterie sur billets d'entrée suite à notre Tournoi de Football du dimanche 21 janvier 1996 au Hall Sportif de Rumelange

4x 500,- 1305 1097 1276 1317  
3x 1000,- 1154 1451 1427

2x 2000,- 1439 1430  
2x 3000,- 1173 1104

1x 5000,- 1365 131901

### Tombola

Taz-Party zu Biissen den 13. Januar 1996

Gewinner:

1. Präis: 3 000 F - Nr. 373

2. Präis: 2 000 F - Nr. 131

3. Präis: 1 000 F - Nr. 307

D'Gewinner si bis de 27. Februar 1996 beim Café Adam zu Biissen ofzehuelen. 129504

### Tombola

Spillerbal F.C. MAMER 32

Télévision 676

Radio-cassette 453

Radio-réveil 882

Toaster 1251

Walkman 737

Quartz-alarm 1163

Prix de consolation:

14 29 78 117 263 289

306 400 450 503 525 562

567 569 632 633 669 728

821 827 880 902 950 987

1070 1226 1301 1326 1426 1484

1657 1776

Les prix sont à retirer au Café

Klen Gemeng, 15, rue du Marché,

L-8252 Mamer, tél. 31 00 22, jus-

qu'au 27 février 1996 au plus tard.

131936

### PROTECTION CIVILE MERERT

### Tombola

Sekuristebal 96

Billets gagnants de la tombola non encore retirés:

514 536 569 591 601 630

662 699 722 724 762 772

794 798 815 853 891 907

930 971 979 1017 1037 1070

1077 1105 1130 1151 1155 1182

1202 1241 1249 1271 1311 1312

1335 1383 1475 2042 2061 2084

2085 2119 2140 2154 2167 2187

2191 2221 2229 2249 2251 2320

2584 2589 2622 2626 2690 2705

2739 2815 2835 2836 2940 2972

Les billets gagnants peuvent être échangés du 29 janvier au 2 février 1996 au Centre d'Intervention, rue du Parc à Mertert (Tél. 7 47 13) entre 19 et 20 heures. Renseignements: heures de bureau Tél. 74 87 30 Schummer J. 132087

### JEUNESSE BROTEBACH

### Gratistombola

vom Krést-Bal

de 25. Dezember 1995

an den Schleef